
**Zu Almaty am Kasachstan**

# Kompetitioun a Programméierung an Algorithmik

Eng Lëtzebuerger Delegatioun mat 4 Schüler an 2 Professeren ass bei der 27. International Olympiad in Informatics (IOI) vum 26. Juli bis den 2. August.



*D'Lëtzebuerger Delegatioun virum Depart fir op d'«International Olympiad in Informatics» zu Almaty, Kasachstan.*

Dës weltwäit renomméiert Kompetitioun gëtt all Joer an engem anere Land organiséiert, déi Kéier zu Almaty am Kasachstan.

D'Schüler goufen am Kader vun der «Lëtzebuerger Informatiksolympiad» Editioun 2015 ausgewielt. Si hunn tëscht Januar a Mee 2015 un enger Rei Prüfunge partizipéiert. Ëm déi 20 Schüler ware fir d'Qualifikatioun ageschriwwen. 15 vun hinne konnte sech fir d'Halleffinall qualifizéieren. 9 Schüler sinn an d'Finall komm an déi 4 bescht sinn an der Lëtzebuerger Delegatioun.

Déi besteet aus de Schüler Sami Bosch (Athénée), Nicolas Brauch (Lycée Ermesinde), Gilles Englebert (Athénée) a Jo Pletsch (Athénée). Se gi begleet vun den zwee Professere Jean-Marie Jans a Jean Reckinger.

D'Partzipatioun un der IOI ass nëmme mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse vum Centre de Gestion Informatique de l'Éducation souwéi och vun der Gesellschaft Telindus SA an der Chambre des Salariés méiglech.

Dëst Joer sinn Delegatiounen aus 84 Länner mat ëmmer maximal véier ausgewielte Schüler bei der « International Olympiad in Informatics » derbäi.

Si partizipéieren un enger richteger Kompetitioun a Programméierung an Algorithmik. Si musse sechs Problemstellunge léisen an an enger vun de Programméiersproochen C, Java oder Pascal ëmsetzen. Hir Programmer ginn direkt vum System bewäert. D'Schüler kennen also gläich nom Enn vun enger Kompetitioun hiert entspriechend Resultat.

Méi Detailer op *www.infosolympiad.lu* an *www.ioi2015.kz*

**Source: *http://www.rtl.lu/letzebuerg/690746.html* (26/07/2015)**